

# “STËMM vun der STROOSS”

“Eng Letzebuerger Zeitung vun  
a fier d’Leit vun der Strooss”

“Un journal Luxembourgeois  
rédigé par et pour les personnes  
sans domicile fixe”

“Eine Luxemburger Zeitung erstellt  
von und für Obdachlose”

- D’Zeitung ass als Uspriechorgan vun de Leit vun de Leit vun der Strooss--
- Motivatioun vun de Leit vun der Strooss--
- Uspriechorgan vum Vollek
- Uspriechorgan vun aaneren Hellefsorganosationen ennert Mataarbecht vun aaneren Organisationsen ze gesinn.
  
- Le journal a comme buts:

- \*L'Information et la coopération des "sans domicile fixe"
- \*Motivation des gens "sans domicile fixe"
- \*L'information et contacts avec la population
- \*L'Information, le contact et la coopération avec des
- \*d'aide existantes.

Die Zeitung hat als Zielsetzungen:

- \*Informations- und Ansprechorgan der Betroffenen zu sein.
- \*Motivation der Betroffenen zur Mitarbeit.
- \*Ansprechorgan der Bevölkerung
- \*Ansprechorgan anderer Hilfsorganisationen unter Mitarbeit derselben zu sein.

### "D'STRUMM"

Wat ass è Strummert ?

Ënnert engem Strummert verstëcht èn normalerweis è Mensch de këng Wunneng, këen Akommes huet, sech enzwuesch an èn dreschenen Eck setzt an eng Flesch Wein oder Béer drengt a bei d'Leit héeschen gëet.

Elo kient èn awer hingoen an D'Stummerten an gewëssen Gruppen andeelen: sou zum  
 Beischpill: - èn Strummert dèn de ganzen Daag dobaussen op der Strooss ass  
 - èn dèn am Nuetsfoyer schleeft  
 - èn dèn eng "mise au travail" huet oder den R.M.G.kritt  
 - èn Asylant oder Ausländer den och këen Ennerdaag huet.

Dëss Andeelung wär awer eng Klassifizierung vun der Strumm an eiser Klassengesellschaft, waat Rassismus ass, wo Differenzen, Ennerschëder zweschen Menschen geschaafen gin. Bestinn net scho genuch Ennerscheder an eiser Klassengesellschaft ?!

Wéi kënt èn opp "d'STRUMM"?

Do spillen verschidden sozial Faktoren eng Roll.

Ëmol persenlech Problemer, Problemer opp der Aarbechtsplatz; Verloscht vun der Aarbechtsplatz, vun der Wunneng, doduerch Veloscht vun de Sozialversecherungen, wei Krankekëess, Pensionskëes.

Villen bleiwt dann just nach d'Strooss!

Opp der Strooss ass et am Ufang vierun allem nèt liet; wëll et wëss en net wei en un Iessen kënnt, wei en u Souen kënnt, wo en eppes ze drenken kritt a wo è dreschen a sescher schlofen kënn. Watt elo nèt hëschen soll, dass et dueno vill mei liet ass!

Natierlech get et vill Leit dei soen dass d'Strummerten hier Souen ausginn fir ze versaufen.: Et geseit è wann è Mensch gesoff huert, awer net wann en duschtereich ass! Et ass och nèt eso dass all Strummert soefft. Dann ass et awer och esou, dass et op der Strumm bal net auszehaalen ass ouni ze saufen.

Ausserdem sinn alkoholesch Gedrénker mei bëlleg wei dat annert Gedrénks.

Ganz oft gett è Strummert als domm higestallt, wat awer nèt de Fall ass.

Vill sinn sugour opp der Strumm well se sech Gedanken iwert "eis Gesellschafft geméet hun!

Do kient è soen: Mèr kënnen opp hieren Computeren schaffen; vill leit vun eiser Wuelstandsgesellschaft geifen èt awer nèt op der Strumm aushaalen!

D'Strummerten kommen och aus verschidden sozialen Schichten a Mileuen.

De We dohin kann kuerz oder laang sinn; et gèt en awer nèt dueno gefroot, wëll et é fléissenden Prozess ass, wobei Alkohol an Drogen och eng Roll mattspillen kënnen.

Meischtens sinn Strummerten vun de Leit net esou gèer gesinn a ginn vun der Platz wo se grad setzen fortgejoot a mussen sech en aaneren Lèer eraussichen!

D'Leit begrënnen dat mat verschidden Argumentationen wéi: Der geneert eis propper Gégend, wëll der net propper ugedoen sitt, alles drëckesch maacht, an den Eck pissen gitt an eso weider.

Eng Ëntwert heidropp: en Hond oder Katz kann pissen a kacken wo se wellen;

È Mensch nèt!

È gutt Beispill heivioer ass D'Letzebuerger Guar, wo d'Strummerten vum Sescherheetsdigscht vum CFL ant d'Keelt vierun Dier geheit ginn!

Mir haaten och vun der Zeitung "STËMM vun der STROOSS" bei der CFL-Ditrektioun ugefroot fier Nekloosdaag Kuch a Gedrénks opp der Guar fier d'Strummerten ze verdéelen. Dat ass eiss aawer vun der CFL-Direktion nèt erlaabt ginn.

Merci!!!

-----

## Den Nuetsfoyer Ulysse

Am Nuetsfoyer haalen sech normalerweiss 45 leit opp, dei aus verschidden Länner kommen. D'Joer iwer sinn et ~500 verschidden Persounen.

Laangfristeg sinn èt Letzezebuerger dei sech do ophaalen, aawer vill aaner Leit kommen aus Portugal, Frankreich, Ex-Jugoslawien, Polen Deutschland Afrika, England an aanere

Länner.

De Foyer ass als provisoireschen Ennerdaag geduet.

Et bestinn hei 3 Dortoiren: Ë mat circa 30 Better, wo jeweils 2 Better iwwerdenen stinn. Hien ass fiert Männer geduet.

Ë weideren Dortoir ass fier Fraen geduet, hei stinn ~6 Better

Um 2. Stock ass nach en Dortoir mat 6 Better. Hei schloofen dei Leit dei an der Zweschenzeit schaffen ginn.

Weider ass am Foyer eng Kischen, wo mojes de Café an owes è waarmt Iessen gemèet gin.

Giess get an engem Refectoire.

Am Keller si gemeinsam Duschen.

D'Liewen am Foyer:

-----

Mojens um 7 Auer oppstoen, duschen an Mojeniessen.

Um 9 Auer müssen Bewunner erausgoen wèll et jo è Nuetsfoyer ass!

Owes get de Foyer um 7 Auer erem opgemaacht fier dass d'Bewunner an och a puer Léit vun dobaussen è waarmt Iessen zu sech huelen kënnen. Dei Leit dei schaffen ginn dèrfen schonn um 4 Auer erankommen.

Um 10 Auer ginnt D'Luten an de Schloofkummeren ausgemacht.

1 Surveillant bleiwt Nuets am Foyer fier opzepassan.

Donnersdeschs mojes get et Täschengeld fier dei vun dobaussen,

Freidegs fier dei Leit dei am Foyer schloofen.

Während der Woch kënn och émol én Dokter fir no de Leit ze kucken dei krank sinn.:

Oft ass et awer eso, dass entweder d'Leit, oder den Dokter nèt do sinn.

Sozial betreit ginnt d'Bewunner an och dei dei vun dobaussen kommen vun

2 Sozialassisten, wé eng Résocialisation ze erméglechen.

D'Leit dei kënn Akomes hun brauche sech nèt un de Këschten ze bedèlegen.

Dei Leit dei è Verdingscht hun müssen sech un de Këschten bedèlegen.

Den Emgang am Foyer ass ennerschédlech; dat heischt en ass ofhängeg vun de Leit dei d'Opsiecht fieeren, awer och vun de Bewunner sèlwer; wobei dat ganz hierarschech ze gesinn ass.

Am grossen ganzen kënn en awer soen, dass mer fro kënnen sin dass et desen Foyer gèt. Wo gieffen d'Strummerten soss higoen; wobei et net grat optimal ass an engem Foyer ze schloofen!

Elo gèt et drèmm d'Situation vun de Strummerten ze verbèsseren:

Dofier ass elo déi nei Asbl gegrënnt ginn:

**“D'STÈMM vun der STROOSS”**

## Geplangt sinn vun deser Asbl:

- Eng régelmessig Ausgab vun deser Zeitung: "STEMM VUN DER STROOSS",dei och iwer Internet ze erréechen ass.
- Ën Dispensaire: "D'SPRËTZ VUN DER STROOSS" fier d'Leit vun der Strooss dei medizinesch a paramedinesch Hellef brauchen.
- An é Kaffee: "D'BADDEL" fier d'Leit vun der Strooss;den awer och eso geduecht ass och dass och aner Leit hei Zougang hun.

Zielsetzung vum Dispensaire wär:

ëng optimal medizinesch,zahnmedizinesch,paramedizinesch a sozial Versuergung vun de Betraffenen,dei awer opp ënger freiwelleger Basis berouen soll.

D'Zeitung selwer soll vun de Betraffenen verkaaf gin ,wobei een Dëel vum Preis vun deser Zeitung un de Verkäfer geht.

Dass dei Betraffen iwer Internet(Computer) un dess Zeitung kommen können, ass de Momënt bal net mejlesch

Dat huet verschidden Ursachen:

- ëmol geht de Computer ,den am Foyer stët net emmer
- desweiderenderen get en de Betraffenen weider net zu Verfügung gestallt,deP.C stët an der Kléederkummer,dei nemmen dem Personal zugängeg ass.
- Wëll et sech em èn Nuetsfoyer handelt, ass en de Leit net zugängig,ausser dass d'Sozialassistenten am Dingscht sinn.Sie selwer hun awer sovill Aarbecht, dass sie sech nèt och nach domat befassen können.
- Vill Leit kënnen sech um Computer net aus.
- Aanerer wessen och nèt dass iwerhapt é Computer do stët.
- Ëng gewessen Démotivation vun de Betraffenen spillt och ëng Roll;wat ze verstoen ass -wann èn de ganzen Daag dobaussen an der Këelt war.

Wat soll an dëser Zeitung stoen:?

- Norichten vu Strummert zu Strummert
- Norichten zum Thema
- Allgemeng Norichten aus dem In- an Ausland
- Annoncen:-Geschäftsannoncen
- Klengannoncen,so:- Akaaf/Verkaaf
  - ze verschénken
  - Wunningsich
  - Wunningsangebot

- Aarbechtmuarter/Angeboter, Ufroen
- Deierenmuarter
- Frèndschaften, Bekanntschaften

**WICHTEG: d'Artikelen vun de Betraffenen sollen  
no Wonsch anonym sinn!**

**Adresse: ? B.P.**

**“De Strummert”**

Persenlech well ech mech beim Här Schauss E. der Mme Lorang L. an hieren Mataarbechter vum Foyer Ulysse bedanken.

Ë groussen Merci un den Herr Kanz R., Kaiffer M.-A an d'ganz équipe vun der Adaph fier hier Ënnerstetzung.

Ë weideren merci un de ganzen Comité vun der “Stèmm v.d. Strooss.”

an vierunallem all dènen Leit dei mer gehollef hun wei èch dess Aarbecht nach nèt haat, wèll et och Leit gèt dei Strummerten hëllefen!

**“De Strummert”**

Dèss echt Zeitung kascht néischt, wa Leit awer èppes wellen spenden, oder èn Don machen wellen, so kënnen sie dat op folgenden Konto bei der **Nr.:** **machen**

Och Materialspenden fier den Dispensaire an d'Zeitung gin gèren ugeholl.

**Adress:**